PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/09/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Héichschoul a Fuerschung & Gläichheet tëscht Fraen a Männer weiderzeleeden.

Dëse Weekend ass op de Soziale Medien ee Bild duerch d'Land gaangen, aus deem ervir geet, datt den Dikrecher Lycée scheinbar een néien "Code Vestimentaire pour un monde plus beau" fir seng Schüler festgeluecht huet. Dësen Dress Code beinhalt ënnert anerem, dass de Bauch, de Réck an de Broschtbereich verdeckt musse sinn. Virun allem Schülerinnen hunn sech doropshin online zur Wuert gemellt an dorop opmierksam gemaach, dass hire Kierper näischt ass, wat verstoppt misst ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet de Ministère eenheetlech Guidelines, fir en Dresscode a Schoule festgeluecht? Wann jo, wat genau beinhalten dës?

2. Fënnt d'Madamm Ministesch, dass d'Reegelen aus dem Dikrecher Lycée sech gläichméisseg op all Geschlechter auswierken? Oder denkt d'Regierung, dass d'Chance hei grouss ass, dass ee Geschlecht an der Praxis méi a sengem Kleederchoix méi agegrenzt gëtt wéi een anert?

3. Huet de Ministère Kenntnis doriwwer, wéi vill Schoulen een Dresscode hunn?

4. Wéi stellt d'Madamm Ministesch sécher, dass et an de Schoule Kleedungsreegelunge ginn, déi kee Geschlecht diskriminéieren?

5. Deelt d'Regierung d'Opfaassung vum Dikrecher Lycée, dass eis Welt méi schéi gëtt, wa Persounen hire Kierper verstoppe mussen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député